



"Selbstänneg sin as fir eis d'Haaptsaach"

"forum" sprach in "La Cerisaie" in Dalheim mit Jos. Ewers und Romain Zens von "Autogestion" über die Probleme der Behinderten. Es ist nicht unwichtig zu wissen, dass beide Rollstuhlfahrer sind.

f: Wat si fir Iech di schlëmme Problemer als Handikapéiert?

J.E. Ons Problemer si virun allem psychesch a sozial Problemer. Wann ech mat engem anere, gesonde Kolleg an e Geschäft gin fir mer eppes ze kafen, gëtt émmer deen anere gefrot wat ech gär hätt, wi wann ech och nüt schwetzen an denke kënnt. Oder huelt deen Artikel am "Auto-touring" (Nr.2/1981): "Vorfaart für Handikapierte!" (vgl. Kasten S.5) Dat as jo Blödsinn fir de behënnerten Autofuerer wëllen d'Prioritéit ze gin am Verkéier. Dat as jo guer nüt dran. Da misst jo jidzfereen e Schéld um Auto hun; wéi gesin déi soss, dass ech handikapéiert sin?

Ech fannen dat eng richteg Schwéngerei, dat as jo ons als Idioten dohinnergestallt, so wéi wa mir nüt uerdentlech mam Auto fuere kënnen. Ech émpfan nen ét op alle Fall esou. Déi Leit déi do dra sin mengen et jo wierklech gudd, awer déi iwerleén nüt, dass dat eng Diskriminéierung fir ons as .. Well fir dass mer de Führerschein kréien, musse mer jo komplett mam Auto émgoen kënnen. Si si bei ons wahrscheinlech suguer méi streng wéi bei engem aneren, well ét jo ém ons an ém deen anere Verkéiersteilneh-

mer geet. Dat as wirklech eppes wat ech nüt gudd fannen. Dat schreiwen se nüt aus Garschtegkeet, si mengen et gudd. Awer fir eleng schon driwer ze schwetzen, fannen ech eng Diskriminéierung.

f: Wat ech an deem Artikel positiv fonnt hun, dat as déi Sach, dass de Syndicat d'initiative en Hotelsguide erausgin huet, wou dra verzeechent as, wou een als Handikapéierte kann énnerkommen.

R.Z. Dat as awer ganz vague. An dat stëmmt nüt émmer. Dann as e Rollstull hannendru gemolt, mee e geet awer nüt eran.

J.E. Ech kennen en Hotel ganz gudd. Si hu gesot: wanns du kënns, dann huele mir dech erop. Dat mengen se. Wann sie engem hellefe wëlle fir datt een era-kënnt, da mengen si schon hirt Hotel wär op fir Rollstull. Mee du kënns nüt mam Rollstull eran.

R.Z. Dat as iwerhaapt nach eng Sach. D'Leit menge wa mir hellefen, da geet ét jo. Mä t'as nüt dorën wou ét sech dréint. En aneren wëllt jo och nüt dauernd frven, hei kanns de mer do erophellefen. Hie gret do erop a färdeg. Sou wëllen mir och doragoen an selbstänneg sin. Selbstänneg sin as fir eis den Haaptpunkt.

J.E. Dat as och esou mam Akafen. Ech gin nüt an d'Stad akafen. Ech fueren émmer entweder an de Mamouth oder an d'Belle Etoile. Du fiers bis virun

d'Diir, du klëmms eraus, du gees eran an eraus, du kanns deng Saache kafe goen ouni Hëllef. Do fillt een sech wirklech als normale Mensch. Awer wanns de muss an d'Stad fueren, dann hues de keng Parkplaatz. An di Parkplaatz dëi an der aler oder neier Avenue sén, wou ee lénksäiteg parken muss: Do musse mir zur Säit vum Verkéier erauskammen mat dem Rollstull. Dat as jo liewensgeföhrelech fir ons an och fir déi aner. A wanns de dann énner Liewensgeföör aus dem Auto geklomme bass, da steess de nach virum Trottoir, da kënns de nüt do erop. Dat sin sou Saachen ... Déi Leit déi mengen ét gudd, déi Parkplaatz si jo och ganz gudd, mee si si ganz oft falsch ugueluegt...

f: ...well dat Décisioune sin, déi geholl gin, ouni da dir selwer gefrot gitt fir matzemaachen.

J.E. Mir gi nüt gefrot. Da mengen s'et gudd, an da gin op Plaatzen Rampe gebaut, wou een iwerhaapt nüt eropkënnt, wou een d'Koplabunz schléit. Et gi Rampen do kommen ech bis an Halschent, an da geet de Rollstull fir an d'Lucht.

f: Fir um Stéchwuert Hëllefe weiderzefueren: Et gesäit een all aacht Deeg an der Zeitung, dass neess iergend e Verän Sue spendéiert huet: wéi stellt dir iech dozou? An dass der oft mat op eng Photo kommt, wou ee gesäit, dass der Suen entgéinthuelt?

J.E. Jo, u sech as d'Sach jo nüt schlecht, well mer wierklech Geld brauchen. Et as jo esou, wa mer déi Verbesserunge wölle man, dat kascht immens vill Geld, wa mer wölle Propaganda maachen, Prospekter drécken asw., daat kascht jo terribel vill Geld. Wa mer besser lafe kënnte, gëngeng mer eng Bank iwerfalen. Awer man Rollstull kënnt ee bis bei en Trottoir oder eng Trap an da geet ét nüt méi viran.

R.Z. Wann déi, déi d'Sue kreien, könne noweisen, wat se domat maachen, dann as dat natierlech eng gudd Saach. Dass dat natierlech dann émmer muss durch d'Zeitungen transportéiert gin a mat Fotoen veröffentlich gët, dat fannen ech nüt gudd. Dat misst méi diskret gemat gin.

f: An ärem Fuerderungskatalog schwetzt der och vun de Veräiner oder Heimer déi fir Handikapéiert gegrënnt si gin, datt déi oft immens vill Suen fir Verwaltungskäschten gebrauchen an da bleiwt nüt méi vill iwreg. An anersäits och di Leit di d'Verwaltung maachen,

dat kéint dir jo grad esou gudd selwer maachen; Dat gëng iech éischtens eng Aarbeitsplaatz verschaffen an et géif Geld gespuert gin.

R.Z. Dat maache mir jo lo hei an der Cerisaie esou. Dee Komitee deen lo nei gewielt gin as besteet praktesch nämmen aus Behennerten, mat Ausnahm vun zwee Leit. Si organiséieren elo dat Ganzt. Mä dat as souwält ech weess dat eenzegt Beispill am Land.

J.E. An dann as onst Haus hei (la Cerisaie) dat eenzegt Heem, dat wierklech vun eleng liert, ét as nüt subventionniert. Mir kréie keng Subsidien, näisch. Mir hu nämlech keng Conventioun mam Minister. Duerfir däerf iweregens keng Assistante sociale een heihi placéieren. Mir liewe wierklech nämme vun de Leit dobaussen. An déi Leit, déi hei winne, bezuele jo 18 000 F de Mount, dat as jo och vill a geet emol nüt duer fir d'Käschten ze decken, schon eleng u Personal. D'ADIPH as wierklech op Spenden ugewisent. Mir maachen zwar nie Reklam extra fir ze soen: lo spend emol eppes, mir brauche Geld. Mä all Scheck as wéllkomm. De Romain seet zwar, ét soll nüt an aller Offentlechkeet geschéien. Mä do si Leit, déi Suen iwerreechen, déi maachen ét nüt ouni Journalist. Ech kann do näisch drop entwerter, ét as jo dat eenzegt dat se dervun hun. Jiddereen wellt jo mol an d'Zeitung kommen.

R.Z. Et as eng Tatsach, datt mat deene Scheckiwerrechungen d'Verständnis vum Problem énnerdréckt gëtt. Mat deene Schecke kënne Leit hir Sue gin, an dann as jo alles an der Rei. Sou op déi Manéier. Dofir gët den Handikapéierten awer nüt méi seriö geholl. Op eng Manéier schiedegt ét, och wann ét op der anerer Säit gudd deet, wann een déi Sue kritt.

f: An der Mentalitéit jiddefalls ännert sech guer näisch, an 't as do wou fir iech den Haaptproblem läit.

R.Z. Dofir hu mir jo vun der "Autogestion" hir eng Kulturwoch zu Diddeléng gehat; et war eng Fotosausstellung do asw. Ons Konte sin och genau agedeelt: Mir hun e Kont fir dee kulturelle Programm, mir hun e Kont fir ons Zeitung asw. Jidder Kont huet e bestëmmten Zweck.

J.E. Wéi ech z.B. eng Kéier een erwëscht hun, dee mir Suen op de Schouss geluegt hat, dun hun ech en erëm-



Z

Zum frôue Familjenereegnes, der Gebuert
vun Erem léiwe Marc

gratuléiert eis Gesellschaft vu ganzem Hérzen
a wünscht deem klengen Érdebiirger
Gléck a Gesondheet op séngem Liewenswee

Denkt wann ech gelist och un déi
Kanner, deenen ét vun Natur aus
nét esou gudd geet, an déi op eis
Héllef ugewise sin

Merci am viraus!

D'Gesellschaft «Héllef fir déi behennert
Kanner aus dem Léizebuerger Land» A EH
Déiserdang, Postkëscht 41, Postscheck 666-84



Ee graffen Heeschebreif -
hun dem Marc séng Eltere fonnt;
Behënnerter hun sech nach méi
krass ausgedréckt.

geruff a gesot: "Ech well dat do nüt". Dee wosst dat dann fir déi next Kéier. Ech war héiflech mat ém, si nüt frech gin. Dat si Saachen déi oft geschéien. Wann ech elo ons Zeitunge "Vivre 81" verkafen, da komme Leit a gin engem 10 F, oder ob der Eimeischen do koum eng Fra mat Ménz am Grapp a sot: "Wou steet är Késcht?" Ech sot: "Mir hu keng Késcht, mir verkafen hei eng Zeitung!" - "Asou!" huet d'Fra gesot, an dun huet se d'Geld an d'Täsch gestach an si as erém gaangen, ouni Zeitung.

f: Heiansdo huet ee jo och d'Gefill, wi wa mam Matleed vun de Leit géif gespillet gin. Duerfir gët och wuel méi fir handikapéiert Kanner wi fir Erwuessener gemaach. Watfer Méiglechkeeten gëtt ét fir Erwuessener ausser der "Cerisaie" iwerhaapt fir énnerez kommen?

J.E. Ausser der Cerisaie keng! ausser fir geeschteg Behennert: fir déi gët méi gemaach. Do as ét och méi liicht Matleed erwechen. An d'Gebeier brauche nüt adaptéiert ze gin.

f: Wou kommen dann erwuesse physesch Handikapéiert hin, wann se nüt an d'Cerisaie kënne, well et hei voll as (21 Leit)?

J.E. Déi kommen an en Altersheem. 24 Joer laang war ech op der Rumm. Et war soss keng Méiglechkeet do. Ech sin mat 21 Joer dohikomm. (...) Diddeléng as eng Schoul mat engem Internat fir 12-15 Leit. Drai Leit aus der Cerisaie gin och dohin, mee ee wöllt lo nüt méi, well e seet: et huet jo dach keen Zweck, wat maachen ech do, ech léieren eppes, wou ech dach keng Plaatz dofir kréien, ech kréie jo souwisou nie en Diplom, ech bleiwe souwisou némmen Hilfsarbechter, firwat soll ech mech nach duer ploe goen? Da kritt en alt neess schéi geschwat bis datt en alt nees geet. Oder en anert Beispill: De Jemp gouf do ausgebillt als Comptable. Hien as as ganz kapabel, mä e schwätzzt vill ze lues, wéi en Tournband dat vill ze lues leeft. Wa mir e Wuert soen, gëtt hien e Bustaf vun sech. Da verstin d'Leit e nüt. 'T as eng Fiduciaire bereet fir hien am Stage unzehuelen, mä nüt fir en anzestellen. Lo as dann Diddeléng souwäit, dat se wölles hun, selwer sou eng Firma opzerrichten an nüt derno ze kucken, op ét sech rentéiert oder nüt. Wat se jorelang do geleiert hun, kënnen se da wéinstens uwenden. Si maachen hir euge Comptabilitéit do, a versichen och nach vu baussen Opräg ze kréien. Et as vu vir-

eran kloer, datt se musse mat Defizit schaffen.


f: zum Thema Aarbecht hu mer nach en Artikel kritt vum Carlo Schmitz (vgl. S. 8)

J.E. Ech kennen och e Jong, deen as bestued. Veen huet och opgehale mat Schaffen. En huet virdrun 28 000 F verdéngt, nom Akzident hätt e nach 10 000 F verdéngt. Dofir geet ee nüt schaffen. Da si nach d'Steieren sou héich, well se zu zwee schaffen, an en huet d'Invaliderent verluer, wann e schaffe geet. Do misste wirklech aner Regelen opgesat gin, aner Gesetzer, mä dat dauert esou laang,... mindestens 5 Joer!

f: Dat hänkt ganz dervun of, wéi staark de Wëllen as vun der Regierung, fir d'Gesetz z'ännernen. D'Fro stellt sech, ob iwerhaapt bei der Regierung de Wëllen do as fir vill ze man. Sie wosste säit 5 Joer, dass dëst Joer d'Joer vum Handikapéierten kënnnt. Am Budget as kee Su méi virgesin wéi soss.

J.E. Dofir hu mir ons an "Autogestion" zesummegegeschloss fir e bëssche méi haart ze gin. Eise Fuerderungskatalog as elo schon vu ganz ville Vereenigungen, och vum Nationalkomitee, iwerholl gin. D'EWG

Fortsetzung S. 6



huet jo och elo Resolutioune getraff, wann een se liest, mengt ee, sie hätten onse Katalog ofgeschriwen.

f: Wat sin dann är wichtigst Fuerderungen un de Stat? Ausser der Fro vun de Renten, hate mer riets vun de finanzielle Laaschten déi dat fir d'Eltern mat sech bréngt, wann si zoufälleg en handikapéiert Kand hun.

J.E. Ech kenne ee Fall, déi en handikapéiert Kand hun, déi kréien radikal alles bezuelt. Anerer kréien iwerhaft näischte bezuelt. Wann ee keng Leit huet, déi engem héllefen, as et schwéier eppes ze kréien. Dat hängt dervun of ob den Handicap unerkannt gët oder nüt.

R.Z. Ech mengen wann de Staat sech nämmen un d'Richtlinien vun der Charta vun der UNO géif halen, wär scho vill geschitt. (vgl. Kasten S. 5) Déi Charta "Rechte der Behinderte" as jo geschriwe gin, fir an deene Länner, wou dat nüt esou agehale gëtt, datt déi sech deem bewosst gin. An Däitschland hun se eng

immens Viraarbecht geleescht. Hei iwerhaft näisch. 'T sin zwar eng Rei Saachen do, eng Rei Gesetzer, mä si gi nüt praktizéiert, well keen se kennt. Di Informatioune di mir an onser Zeitung gin, dat wär um Stat fir déi ze man. An Däitschland gin ét Sozialratgeber an all Bundesland, di do Bescheid gin.

f: Déi eenzeg Plaatz déi fir Behennert do as, as jo um Arbeitsamt

R.Z. An do as eng Dréidir, sou datt ee mat engem Rollstull nüt hikénnt, wann ee misst dohigoen.

f: En anert konkret Beispill as dat vum Transport. Do hu der jo awer eng Rei vu Kaarten fir den Transport méi bëlleg ze kréien beim Zuch oder Autobus.

J.E. Mir kréien déiselwecht Reduktionswéi déi eeler Leit, 75%, nüt ganz gratis. Awér souwisou, een an engem Rollstull kann séng Kart souwisou nüt gebrauchen. Du kénns nüt an en Zuch eran, néierens! An där Beispiller géifen ét nach vill